N°523
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.03.2024
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Um éischten internationale Sommet fir Atomenergie huet de Premierminister sech fir eng finanziell Ënnerstëtzung vun der Nuklearfuerschung ausgeschwat, dëst och mat Hëllef vun europäesche Gelder. D'Press zitéiert den Här Premierminister, deen suggeréiert hätt, d'Fro ëm d'Energieversuergung «manner ideologesch» ze betruechten.

Donieft hu Fuerscher an Däitschland vum ‚*Bundesamt für die Sicherheit der nuklearen Entsorgung*' (BASE) gëschter eng Etude publizéiert, déi d'Sécherheet vun neie Reakteren analyséiert. D'Etude ergëtt, dass och nei Reakter-Typpen d'Sécherheetsproblemer déi och elo scho bestinn net léisen. Déi nei Reaktere kéinten och net méi wirtschaftlech bedriwwe ginn.

An deem Kader wollte mir dem Här Premierminister an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit folgend Froe stellen:

- Op wéi eng wëssenschaftlech Erkenntnesser baséiert d'Ausso, dass d'Nuklearenergie vu muer net déi selwecht wier wéi déi virun 30 oder 40 Joer?
- Den Här Premierminister huet gemengt, et misst ee «manner ideologesch» un déi Fro erugoen. Wat huet d'Sécherheet vun der Populatioun a vun der Zukunft mat Ideologie ze dinn?
- Sinn d'Häre Minister der Meenung, dass haut keng Gefor méi ausgeet vun der Atomenergie?
- Wéi steet de Premierminister zu der Positioun, déi de fréiere Premierminister Xavier Bettel ëmmer vertrueden huet, dass Lëtzebuerg sengen Nopeschlänner soll hëllefen, hier Atomreakteren an der Grenzregioun zouzemaachen an op aner Energien iwwerzegoen?
- Ass dës nei Positioun am Regierungsrot beschwat ginn?
- Sinn d'Aussoe vum Här Ëmweltminister beim Mouvement écologique vum 21. Mäerz net am Widdersproch zu den Aussoe vum Här Premierminister. Falls jo, wéi eng ass d'Regierungspositioun?

- Wat gesäit d’Regierung an den nächste Jore vir, wat d’Investitiounen an erneierbar Energien ugeet?
- Ass den Här Premierminister der Meenung et misst een elo nei Investissementer generéiere fir an den Atomenergieausbau an an d‘Atomenergierecherche ze stiechen, op EU-Niveau an/oder zu Lëtzebuerg?
- Wann een dovunner ausgeet, dass d’Atomenergie weder finanziell, nach zäitlech, ökologesch, oder geopolitesch interessant ass fir eis Klimaziler ze erreechen: wat genee ass der Regierung hire Plang? Huet d’Regierung keng Sécherheetsbedenken?“

Mat déiwem Respekt,

Corinne CAHEN
Deputéiert

Barbara AGOSTINO
Deputéiert